DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

*„Rezent si mer gewuer ginn, datt d’'Diabetes-Medikament Ozempic kaum nach an den Apdikten disponibel ass. Gleeft een de Produzenten an den Distributeure vun dësem Medikament, dierft d'Situatioun bis Enn vun dësem Joer esou bleiwen.*

*Konform zu den aktuelle Reegelen, dierf den Ozempic ausschliisslech Diabetes-Patiente verschriwwe ginn, déi vum Typ 2 betraff sinn. Doktere sinn also ugehalen z’iwwerpréiwen, datt Patienten, déi bei si kommen, och effektiv un Diabetes Typ 2 leiden.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:*

- *Ginn et Stéchprouwe fir ze kontrolléieren, ob d’Dokteren sech och un déi aktuell Reegelen halen?*
- *Ass de Collège médical scho mat Fäll vu Mëssbrauch befaasst ginn? Falls jo, wéi vill Fäll waren dat?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten